N°7127
Entrée le 07.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Ëmmer nees héiert ee Kloen doriwwer, dass vill Zich bei der CFL onpünktlech solle sinn oder Zich carrement ganz ausfalen. Och Feeler innerhalb vun der Mobilitéitsapp goufen eis zougedroen, zum Beispill, dass en Zuch géif ausfale fir dann awer ze fueren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Opgelëscht pro Mount fir d'Joer 2022, no den eenzelen Zuch - oder Buslinnen an no der Dauer vun de Retarden, wéi dacks koum en Zuch oder Bus mindestens 3 Minutt ze spéit?

2. Wat war de maximale Retard, deen en Zuch oder Bus an dësem Joer hat an op wat fir enger Zuch- a Buslinn war dat?

3. Wéi dacks, opgelëscht pro Zuch- a Buslinn a pro Mount, sinn Trajete komplett ausgefall an aus wat fir enge Grënn?

4. Wéi dacks koum et zu Feeler bei der App, dass zum Beispill falsch Informatiounen affichéiert goufen?

5. Wat ass generell de Prozentsaz vun den verspéiten Zich a Busser vum CFL pro Mount 2022?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten